



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/02/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Mobilitéit weiderzeleeden.**

D'Regierung huet am Koalitiounsaccord ugekënnegt d'Innovatioun an der Automobilitéit ze ënnerstëtzen andeems d'Technologien, déi fir d'Realisatioun vum autonome Fuere gebraucht ginn, reglementéiert solle ginn.

A menge Froen n°508 an 5093 hat ech gefrot, ob déi lëtzebuergesch Stroossen fir d'autonomt Fueren op zweeter Stuff ugepasst sinn. Aus den Äntworte vum Minister ass z'interpretéieren, dass virun allem d'Autobunnen, wéinst dem héije Standard an der Stroossebeschëlderung an de Fuebunnenmarkéierungen, am fuertüchtegste fir autonom Autoe sinn.

Am Automobilsecteur ginn et schonn Autoen ze kafen, déi d'autonomt Fueren op drëtter Stuff erméiglechen. Bei eisem däitschen Noper krut elo Mercedes-Benz als éischten Autoshersteller d'Fueren op der Stuff 3 vum Kraftfahrtbundesamt accordéiert: D'*Süddeutsche Zeitung* schreift dozou:

*Als erster Hersteller darf Mercedes-Benz Autos verkaufen, bei denen der Fahrer in bestimmten Situationen die Hände vom Steuer nehmen und sich anderen Aufgaben widmen kann. Die Genehmigung dafür hat das Kraftfahrtbundesamt erteilt. [...] Damit können Fahrer auf Autobahnen in Deutschland bis 60 Kilometer pro Stunde im wahrsten Sinne des Wortes das Lenkrad aus der Hand geben. Das System zeigt an, wann es verfügbar ist. Ist es aktiv, darf der Fahrer Mails schreiben, Filme schauen oder Spiele spielen. Falls das Auto in dieser Zeit einen Unfall verursacht, haftet nicht mehr der Mensch, sondern der Hersteller. Die Assistenzsysteme aller anderen Autobauer sind dagegen noch so ausgelegt, dass der Mensch immer in voller Verantwortung bleibt.*

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°5093 hat de Minister geschriwwen:



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

*Wat Verkéierskontrollen ubelaangt, si Gefierer déi eng Deelautomatiséierung besëtzen net anescht ze behandele wéi normal Gefierer, an dëst op mannst esou laang, wéi d'national Gesetzgebung net Responsabilitéit vum Fuerer op den Auto verlagert, wat eréischt dann de Fall ka sinn, wann d'Gefier tatsächlech ka voll autonom fueren (Niveau 5) woubäi hei awer nach ze kläre bleift wien Responsabel ass wann et zu engem Verstouss géif kommen.*

- Wäert d'Regierung nach an dëser Legislaturperiod dofir suergen, dass d'autonomt Fueren zu Lëtzebuerg op drëtter Stuff hei am Land erlaabt gëtt? Falls nee, a wéi engem Zäitraum kéint d'autonomt Fueren hei am Land eng Realitéit ginn?
- Géing d'Regierung och de Wée aschloen, wéi an Däitschland, an d'Responsabilitéit beim autonome Fuere vum Fuerer op den Hiersteller transferéieren?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

